N°3879
Entrée le 11.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 3879 vum 7. Abrëll 2026 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement iwwert „Digitalisation de la déclaration d'impôt au Luxembourg"**

**1. Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Steierzueler eng virgefëllte Steiererklärung kënne rectifiéieren, wann se nom Aschécke mierken, datt verschidden Ofsetzbeträg feelen, a gëtt an deem Kontext e formellt "Recht op Feeler" (droit à l'erreur) agefouert ?**

Den Zweck vun der vereinfachter virausgefëllter Steiererklärung ass et de Prozess fir d'Steierzueler ze vereinfachen an hinnen Zäit ze erspueren. Déi betraffe Steierzueler mussen deemno selwer keng Akommessteiererklärung ausfëllen, mee mussen nëmmen déi virausgefëllte Informatiounen iwwerpréiwen, an dann d'Steiererklärung ënnerschreiwen an dem zoustännege Steierbüro per Post schécken.

Sollten d'Informatiounen an der virausgefëllter Erklärung net korrekt oder onvollstänneg sinn, sollen d'Steierzueler déi virausgefëllten Erklärung ignoréieren, an eng Akommessteiererklärung mat de verfügbaren alternative Methoden ofginn :

- elektronesch iwwer den elektroneschen Assistent vu MyGuichet.lu mat der Demarche ACD "Modell 100"
- elektronesch mat dem Erareeche vum ACD "Modell 100" am PDF-Format iwwert MyGuichet.lu
- am Pabeierformat mat dem Formulaire "Modell 100".

All dës Aspekter ginn am Bréif mat der vereinfachter virausgefëllter Steiererklärung erkläert.

Virum Erstellen vum Steierbescheed duerch d'Steierverwaltung kann, onofhängeg vun der Form vun der Steiererklärung an der Method vum Depot, de Steierzueler zu all Moment seng Steiererklärung nobesseren.

Nom Zoustelle vum Steierbescheed kann de Steierzueler, bannen dem Reklamatiounsdelai vu maximal dräi Méint eng "demande de redressement du bulletin d'imposition " nom § 94, 1. Abschnitt vun der Abgabenordnung (AO) ufroen, oder eng Reklamatioun am Sënn vum § 228 AO beim Direkter vun der Steierverwaltung areechen.

**2. Wéi eng konkret Mesurë goufe vum Ministère geholl, fir ze garantéieren, datt och manner digital-affin Bierger weiderhin en einfachen an onbürokrateschen Zougang zur Steiererklärung hunn?**

All d'Steierzueler hunn dräi Méiglechkeete fir hir Steiererklärung ofzeginn:

- elektronesch iwwer den elektroneschen Assistent vu MyGuichet.lu mat der Demarche ACD "Modell 100"
- elektronesch mat dem Erareeche vum ACD "Modell 100" am PDF-Format iwwert MyGuichet.lu
- am Pabeierformat mat dem Formulaire "Modell 100".

Déi virausgefëllte vereinfacht Steiererklärung gouf bis elo ausschliisslech am Pabeierformat ausgestallt.

Niewent dem Lancement vum Contact-Center, wou een uruffen oder schrëftlech Ufroen iwwer ee Kontaktformulaire maache kann, huet d'Steierverwaltung och hier Präsenz duerch d'Campagne " 123easy! ACD on Tour : Dir frot, mir äntweren " um Terrain verstäerkt fir dem Steierzueler am direkten Dialog kënnen Ënnerstëtzung unzebidden. Onofhängeg vun dëse Mesurë steet dem Steierzueler natierlech den Agent um Steierbüro zur Verfügung fir Hëllefsstellung ze leeschten.

**3. Wéi héich war de Prozentsaz vun de Steiererklärungen, déi am Joer 2025 digital agereecht goufen, a wat fir e geneeën Zilwäert huet d'Regierung fir d'Joer 2026 festgeluecht? Dëst opgeschlësselt no den eenzele Kanäl (Assistent, Depot PDF op myguichet, envoi postal, …)**

Fir d'Joren 2021 bis 2024 sinn d'Steiererklärungen iwwert follgend Weer, opgeschlësselt no den eenzele Kanäl, agereecht ginn :

| | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|
| **am Pabeierformat** | 79,3 % | 77,4 % | 74,3 % | 69,7 % |
| **iwwer den Assistent vu MyGuichet.lu** | 5,7 % | 8,4 % | 10,8 % | 17,2 % |
| **am PDF-Format iwwert MyGuichet.lu** | 15,0 % | 14,2 % | 14,9 % | 13,1 % |

D'Zil fir d'Steierjoer 2025 ass eng Erhéijung vun 20% vun de Steiererklärungen z'erreechen déi iwwer den elektroneschen Assistent MyGuichet.lu agereecht ginn. Fir d'Steierjoer 2028 solle bis zu 85% vun de Steiererklärunge fir d'Steierjoer 2028 viséiert elektronesch deposéiert ginn. Dat hänkt awer schlussendlech vum Verhale vun de Steierzueler of.

**4. Wat sinn déi nächst geplangte Schrëtt fir d'weider technologesch Moderniséierung vun der Steierverwaltung, a wéi gesäit den detailléierten Zäitplang dofir aus?**

D'Steierverwaltung ass am gaangen sech een neie kommerzielle Softwarepak ze beschafen. En detailléierten Zäitplang gëtt no der Auswiel vun der passender Software-Léisung ausgeschafft. Dobäi duerchleeft dat entspriechend Finanzéierungsgesetz (n° 8683) aktuell de legislative Prozess.

D'Zil ass et dëst Software-Léisung vun 2027 un anzesetzen. Dës Software soll et der Steierverwaltung erméiglechen, spéiderhin ee ganz groussen Deel vun den informateschen Fäegkeeten am Beräich vun der Steiertechnologie ofzedecken.

**5. Ass geplangt, fir professionellen Acteure spezifesch Schnëttstellen (APIen) zur Verfügung ze stellen, déi d'direkt Aschécke vu Steiererklärungen aus hirer eegener Software eraus erlaben, ouni iwwert de Portal MyGuichet ze goen?**

De 24. Mäerz 2026 huet d'Steierverwaltung eng Table ronde an Zesummenaarbecht mam CTIE (Centre des technologies de l'information de l'Etat) fir Fiduciairen a digital Déngschtleeschter organiséiert.

D'Zil war et, déi bestoend Servicer an informatesch Interfacen (API) vu MyGuichet.lu ze presentéieren an iwwer méiglech zousätzlech Léisungen ze diskutéieren. Et war en oppenen Austausch vun Erfarunge fir gemeinsam konkret Weeër ze fannen, fir d'Virausfëlle vun der Akommessteiererklärung iwwer den elektroneschen Assistent vu MyGuichet.lu ze erliichteren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Dës Table ronde huet verschidde Bedierfnesser identifizéiert, déi d’Steierverwaltung am Moment analyséiert. Ee weidert Treffen ass virgesi, fir d'Resultater vun dëser Analyse virzestellen.

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth